

PERSO'NEN:

*J. P. Fromer*, Letzeburger Jong, Offize'er an der Légion étrangère.

*Pitter*, och e Letzeburger Jong, amerikaneschen Zaldot.

*Mme d'Aumont*, eng Letzeburgerin, a Frankreich bestuet.

*Claire d'Aumont*, hir Duechter.

*Suzette*, Dengschtmédchen.

*Den Hèr Einstein*, e polakesche Wucherer.

*Den Adolf*, dem J. P. Fromer sei Scho'lkomerod.

E puer Marodeuren.

Franze'sch an deitsch Zaldoten.

E Facteur.

All Rèchter virbehâlen.

I. AKT.

*J. P. Fromer. Pitter. E puer Marodeuren*, de' d'Schluechtfelder onsécher mân.

D'Bühn stëllt eng frei Plätz an engem Besch vir, vum Sall aus gesin rechts an Fong stët eng Kano'n, de' so' gutt we' me'glech imite'ert ka ginn, sie ass no lenks gericht. Op der Bühn verstrët leien allerlé Sâchen de' op d'Schluecht hiweisen de' grad erîwer ass.

*J. P.:* (leît zimlech vir, e schéngt do't ze sin, d'Bühn ass hallef donkel, no enger Weil hieft en sech mat engem We'laut hallef op, e fe'lt sei Kapp dé ganz bluddeg ass, dén ên Arm ass och blesse'ert, e steipt sech op de' aner Hand a sët mat schwächer Stemm:) Mei Gott, — mei Gott, — ganz elèng hei op der Plätz bliwen — — ener all dénen Do'degen — — — Kê Mensch weit a brêt dén engem hellefe kent! (No enger Weil.) Soll ech eso' verlösse missen hei stierwen? (E fällt nês em, rîcht sech erem op a sicht en Duch aus senger Tâsch, wescht d'Blut vu Broscht an Hänn.) Oh Mamm! — — oh Schwestre, Bridder! oh Hêmecht, mei Letzeburg — — ! Ech kre'en iech net me' ze gesin, — — — lieft der nach all dohém, ass och bei iech Krig an Do'tschlâg? — — — Ech — — muss — — jo — — elèng — — verlössen — — hei — — stier—wen! D'Musek intone'ert ganz lues d'Introductio'n vum Lidd «Verlöss».)

Lidd N° 1. Verlöss.

Elèng, verlöss, a kaler Nuecht,  
Voll Péng, voll Misère a voll Léd.

Weit fort vu mir, de' mirdreg Schluecht,  
 De' mech so' jonk hei sterwen dêr.  
 Ech gung an d'Schluecht mat freschem Mut,  
 Fir d'Freihêt gin ech zir mei Blutt,  
 Fir d'Hêmecht, fir meng Le'i dohém,  
 Fir sie do si jo all meng Drém.  
 Wann d'Sonn rem fresch iwer d'Bierger lâcht  
 Da get fir mech e Grâf gemâcht,  
 An all meng Le'i, de' wessen net  
 Dass ech nun ausseliddn hât.  
 Oh Hêmecht, oh mei Letzeburg,  
 Oh Mamm, oh Schwestre, Bridder all,  
 Fir iech ass d'Stiferwe jo net uerg,  
 Wâr 'i nur dohém, am Hêmechtsdall!  
 Oh Gott, ech sterwen, och, 't ass aus.

(E lêsst sech erem lues aus dêr halewer Stëllong nider, de' e wâhrend dem Sangen agholl hat, do he'ert ên hanner de Coullissen treppelen, e lauschtert a sêt:)  
 Mon Dieu, wat kent elo, soll et e Friend sin oder e Feind? — Ech — well mech — do't — stëllen — ech — sin — et — jo — dach — — —  
 elo — — geschwen — — — (E lêsst sech lues niddere a re'ert sech net me'.)

*Pitler:* (kent vir vu lenks, bleift gleich do stoen, kuckt ronderem sech, reselt de Kapp) Goddem! elei sin der nach vun allen Zorten, mais de' elo donge kengem me' weh. (En zêt en amerikaneschen Tubakssäckelchen a Bliedercher aus der Täsach, dre't sech eng Zigarette a sêt fir sech:)  
 Ja, — da sin ech nach eléng lieweg elei, wo' solle meng Komeroden dru sin, ech mängen do wiren der net vill rescht bliwen, eso' eng Schluecht ewe' de' elo, mängen ech, war am ganze Krig net. Ech hun et och nemmen êngem Zo'fall ze verdanken dass ech dervu konnt kommen. All right, da mâche mir nach eng un, an da kucke mir we' mer weider kommen, elo hu mir emol eng kléng Vokanz. (En dre't sech em, a wellt no lenks fortgoen, am Donkele fällt en hallef iwer dem J. P. seng Fe'ss.)  
 «Goddem!»  
 J. P.: (voll Péng) Oh Mamm! —

*Pitler:* (bleift erschreckt stoen, dre't sech ên, setzt sech bei de J. P. op d'Kne'en a sêt:)  
 Bass du och e Letzeburger?  
 Oh Goddem, wat hun se mat dir gemât? Elo gin ech over net fort.

*J. P.:* (richt sech mat Hellef vum Pitler op a sêt mat Më'h)  
 «Letzeburger — — ech — — jo — — an dir — — wie si — — dir — — ? si dir — — kê — — Feind? — —»

*Pitler:* «Goddem, ech e Feind! mé, mon ami, ech sin och e Letzeburger aus Amerika, mei ganz Regiment ass opgeriwen, ech si ganz eléng bliwen, — — mais — — sot — — blése'ert? (Einersicht d'Wonn vum J. P., dén ên alt he'ert vu Péng keimen, da sêt en:)  
 «Oh et ass net eso' schlamm we' ech geméngt hât. Kommt elo léen ech iech emol zergutzt hier op eng Seit an da verbanne mer lech emol. (Hellet dem J. P. bis vir rechts op d'Scén, lét sei Mantel emiert en a fânt un d'Wonn ze verbannen mat Gebenner de 'e bei sech hât.)

*J. P.:* (E leit vill; iwert dem Verbannen fré en:)  
 Mais, so mei Friend, we' hêschs du dann, a vu wo' bass de?

*Pitler:* Abé, t'êr Lieutenant, ech si vir lánge Joere mat mängen Eltren aus der aler Letzeburger Hêmecht ausgewandert an Amerika: Mir hun ons do gutt erop geschafft, a we' mer geméngt hun et wir alles gutt, du ko'm de Krig. Mir leie weit an der Prairie, weit vun alle Stied, an et huet lánge gedauert bis mer êppes richtiges he'ren hun. We' et du gehêsch huet, ons letzeburger Hêmecht wir och besat, an, dass Amerika och eng Arme' gif opstëllen, du sot mei Papp zu mir: «Pitler, ech gin ewêl âl, mais du bass nach jonk, ge' stëll du dech an d'Arme', ge' hellef du ons âl Hêmecht bolzen, ge', kê frêmen Zaldot soll onst Letzeburg verone'eren. Kuck, hât ech en Zéngter manner, ech war jo 67 derbei, we' d'Preisen hu missen eraus zu Letzeburg, dêr êscher Letzeburger ên dé' eragerecht sin, an elo eso' êppes missen ze gesin; kennt ech, ech ging selwer erem mat. An dû, Hêr Leitnant, sin ech gângen, an elei sin ech.

## Lidd N° 2. De «Pitter».

## 1.

Als Kand ech jonk eriwer gung,  
 Mat mengen Eltre schon  
 An d'Land, wo' all hir Hoffnong hung  
 Hirt Gleck, hir Liewenssonn.  
 Mir gungen aus der Hemecht dun  
 Dem Letzeburger Land,  
 Amerika, dat ass ons nun  
 En neit, sche'nt Hémechsland;  
 Dach denken ech nach emmerzo'  
 Hém u mei Letzeburg,  
 Wèll do gin ech elèng nach fro'  
 Hätt do ké Léd, keng Suerg.

## 2.

Dé gro'sse Krich ass ausgebrach,  
 D'ganz Wèlt de' gung a Brand:  
 Amerika huet matgemâch,  
 Rêcht senge Frennen d'Hand.  
 Ech kumm mat iwer d'gro'ssecht Mier,  
 Op de' al Hémecht lass  
 Mat méngem Regiment bis hier  
 Dat bâl ganz do't nun ass:  
 So' no, dach weit, hun ech hei fond  
 E Stéck vum Hémechsland  
 Mat blud'ger Wonn om frieme Grond;  
 E letzeburger Kand.

*J. P.:* Dat ass brav, Pitter, bravo, ech wor zu Pareis we'  
 et lass gung, als Sculpteur ... All Letzeburger de' mer  
 do waren, we' et gehêsch huet, se hu Letzeburg besât,  
 mat engem Monn hu mer geruff: Eraus mat en, hopp,  
 de' Gemènghêt, elo gi mer ons engage'eren, mè de' kre'en  
 d'Leppe geklappt. An zu onser me' ewe' 3 000 si mer  
 agetratt. (No ènger Weil.) An zu wivill si mer ewèll  
 nach, ech hun se licht zielen — an — elo geschwen sin  
 ech och net me' derbei.

*Pitter:* Wat you say? — No, Hèr Leitnant, eso' schlemm ass  
 et net; dir sitt elo schwâch, wèll der dat villt Blut ver-  
 luer hutt, mè nach en èttlech Wochen, dann ass erem  
 alles an der Rei.

*J. P.:* (Huet Fe'wer.) Pitter, oh Wâsser — Wâsser — oh  
 dé Brand, dén Dûscht!

*Pitter:* Da wârt, Hèr Leitnant, do fir ass èng Bâch, da gin  
 ech iech Wâsser sichen. (Fort.)

*J. P.:* (Bleift eng Weil ro'eg leien, dann he'ert en hanner  
 de Coullisse goen a schwätzen; op émol komme vu lénks  
 e puer Marodeuren mat schwârzen Dicher virun de Ge-  
 sichter, pesperen zesummen a fênken un, dénen do'degen  
 Zaldoten d'Taschen ze durchsichen.)

*J. P.:* (Fir sech.) Mon Dieu! Wâr dach nemmen dé gudde  
 Jong erem hei, wann de' do mech fannen dann ass et mei  
 Lèscht.

*Pitter:* (kent vu rechts, geseit de' Marodeuren, gêt lues bei  
 de J. P. a sèt zo' him:) Wat mân de', wat sin dat fir  
 Leit?

*J. P.:* Dat si Marodeuren, mei Jong, ge' mâch dech ewèg,  
 wann se ons fannen, da si mer drun, ge' fort, löss mech,  
 ech si jo dach verluer.

*Pitter:* Mais da wart, Hèr Leitnant, ech gin emol kucken.  
 Wann dat Dengen elo (e weist op d'Kano'n) geluede  
 wâr, dann ding ech de' ower emol lafen. Hâlt iech  
 nemmen d'O'ere gutt zo'. (Hie kreicht bei d'Kano'n an  
 ze't se lass. E Krâchert, d'Marodeure lafe fort, de Pitter  
 hâlt sech de Bauch vu Lâchen a kent erem bei de J. P.)

*J. P.:* Mon Dieu, Pitter, wat eng Péng, oh dé Schlag, so,  
 sin se fort?

*Pitter:* (Kuckt erschreckt op, fe'lt seng O'eren, reisst Mond  
 an Aen op, èntwert ere'scht no ènger Weil.) Goddem,  
 ech — ech — ech — he'eren neischt me', ech wârt dach  
 net dâw sin. Mei Gott, hé Hèr Leitnant! he'er Der mech,  
 dajé, da schwätzt dach!

*J. P.:* (Riff eso' hârt ewe' e kann) Pitter! Pitter! Pitter!  
 he'ers de mech?

*Pittler:* (wénkt traureg nén.)

*J. P.:* (fir sech) Dén arme Jong, ewéll ass dei Léd gre'sser ewe' meint. (Hârt) Pittler! courage! du bleifs net dâf, wann deng O'eren och gelidden hun, si gin erem besser.

*Pittler:* (kent, setzt sech bei hien op de Buedem a kreischt.)

*J. P.:* (Helt de Pittler mat der Hand a sét hârt) Pittler, komm, bleif bei mir, wells de? Bei mengem Regiment. Wann ech erem op de Bé sin, zesumme welle mir fir ons Hèmecht a fir de Fridde streiden, wells de?


*Pittler:* (stét op, helleft dem J. P. och op an da ríft en) All right, Hér Leitnant.

*Zesummen:* Vive Letzeburg! vive la liberté. (Sie sangen d'féscht Stroph vun der Uolzecht.)

O Du do uewen, dém seng Hand  
Durch d'Welt d'Natio'ne lét,  
Behitt du d'Letzeburger Land  
Vum frieme Joch a Léd.

Du hues ons all als Kanner schon  
De freie Géscht jo gin;  
Löss viru blenken d'Freihétssomm,  
De' mir so' läng gesin.

RIDO.



## II. AKT.

*Mme d'Aumont. Claire d'Aumont. Suzette. J. P. Fromer.  
Pittler. Franze'sch an deitsch Zaldoten.*

Den 2. Akt spillt 1918, während der léschter deitscher Offensive.

D'Bühn stéllt e Salon vir am Château d'Aumont bei Château-Thierry. Op dem Desch stét eng Lamp, et ass Owend.

(D'Madame d'Aumont an d'Claire setze beim Desch, sie hun eng Handarbecht an drenken an èngems eng Tâss Te'.)

*Madame:* Quel temps, Claire, quel mauvais temps pour nous, cette maudite guerre; qui sait si nous pouvons rester ici, les Allemands s'approchent de plus en plus.

*Claire:* Mais, dis donc, Maman, on ne voit pas nos soldats par ici pour protéger le pays, est-ce une ruse, ou bien — est-ce la défection?

*Madame:* Qui sait, ma fille, nos généraux doivent savoir s'y prendre, du reste, j'ai vu ce matin des légionnaires, qui étaient en patrouille. (Et he'ert èn treppelen.) Ecoute, j'entends quelqu'un.

*Suzette:* (kent eran) Madame, un officier vous demande.

*Madame:* Faites entrer. (Suzette fort.) Qu'est-ce que ça signifie, un officier?

*Claire:* C'est peut-être .....

*J. P.:* (Als Offize'er vun der Légio'n, kent bis an d'Dir, gre'sst militäresch.) Mesdames, veuillez m'excuser!

*Madame:* Veuillez entrer, Monsieur. Tiens Claire, offre une chaise à Monsieur! (D'Claire mecht et, sie ass gene'ert.)

*Claire:* Donnez-vous la peine de vous asseoir, Monsieur!

*J. P.*: Toutes mes excuses, Mesdames! Mais par ordre de mes chefs, je viens vous déclarer, que je suis forcé de faire occuper votre château par nos soldats.

*Madame an d'Claire*: (zesummen iwerrascht.) Comment, occuper notre château, et encore par des légionnaires, alors ce sera une caserne, notre maison! Mais, Monsieur, que pensez-vous, envoyez-nous des Français au moins.

*J. P.*: (stêt op, en ass gene'ert.) Mesdames, encore une fois, pardon, mais ce n'est pas moi qui commande, nous ne connaissons que l'obéissance, nous suivons les ordres de nos chefs.

*Madame*: Enfin, Monsieur, de ma part je vous demande pardon, je ne pensais plus à la guerre, mais en légionnaire comme en poilu, vous tous vous vous battez pour la liberté de notre cher pays.

*J. P.*: Madame, on ne fait que son devoir.

*Claire*: Oh oui, Monsieur, soyez le bienvenu, nous vous devons le respect qu'on doit à tout brave soldat, qui lutte pour son pays.

*Madame*: Et du reste, Monsieur, maintenant pour fêter votre arrivée, acceptez une tasse de thé, en attendant que je fasse vous préparer un souper. (*J. P. wellt proteste'eren*) Non, non, prenez place. Claire, offre une tasse de thé à Monsieur, moi je vais donner ordre qu'on donne à boire et à manger à vos hommes. (fort)

*Claire*: (ass ganz verléen.) Alors n'est-ce pas, Monsieur, vous acceptez une tasse de thé, ou bien, si vous préférez un verre de vin?

*J. P.*: (fir sech) Wat e le'ft Kand, an dat elei fir an der Front. (Hârt) Non, Mademoiselle, je ne peux pas résister, alors, si vous permettez, je préfère une tasse de thé.

*Claire*: (Sétzt him eng Tàs Te' vir a prepare'ert den Te'.) Monsieur, dites-moi la vérité, y a t-il beaucoup de danger par ici, pour nous?

*J. P.*: Mademoiselle, la guerre connaît tous les dangers et tous les espoirs, le dernier temps nous nous sommes toujours retirés, malgré le grand nombre d'hommes que

nos comptons, et je crois que c'est un plan de nos généraux: nous ne manquons ni de troupes, ni de canons, ni de munition, cela doit être un guet-apens dans lequel on veut attirer les Allemands.

*Madame*: (Kent erem.) Voilà, tout est préparé, et bientôt, tout le monde sera servi, mais Monsieur, buvez donc, à votre santé. (Sie drénken all, de J. P. bekuckt hei an do d'Claire, de' hien och vun Zeit zu Zeit bekuckt, a wann hir Blécker sech bege'nen, da kucken se verléen allen zwê op èng Seit.)

*Madame*: Pardon, Monsieur, y a t-il du danger, serions nous forcés de quitter notre maison, dites-moi la vérité pour que nous puissions nous préparer pour toute éventualité possible.

*J. P.*: Tout est possible, Madame, et je dois vous conseiller, de tout préparer pour une fuite immédiate, j'ai ordre de surveiller l'ennemi et de quitter le château, aussitôt que les Allemands approchent.

*Madame*: (Spréngt op, ganz opgerégt.) Mon dieu, mon dieu, qu'est ce que ça va devenir, mais Monsieur, vous nous laisseriez toutes seules, ma fille et moi, mais non, vous ne pouvez pas faire cela, non, promettez moi de nous protéger, et, en cas de danger, surveiller notre départ.

*J. P.*: Madame, n'ayez pas peur, tout ce que je vous ai dit, c'est pour vous préparer à un départ possible, mais qui n'est pas sûr; en cas de guerre il y a des possibilités de toute nature, et c'est pour ça, Madame, que je vous conseille encore une fois de faire vos préparatifs de départ, si vous ne préférez pas rester ici.

*Claire*: Oh, mais non maman, je ne veux pas rester ici, non, pense donc, avec les ennemis de notre pays.

*Madame*: Alors, Monsieur, nous partons, maintenant encore une tasse de thé. Claire, sers nous encore une fois, peut être la dernière fois dans notre maison. (Claire serve'ert erem Te'; sie setzen sech erem all.)

*Madame*: Mais, pardon Monsieur, depuis quand êtes vous dans l'armée?

*J. P.:* Depuis le début de la guerre, Madame, depuis que j'ai entendu, que mon petit pays était occupé par les Allemands.

*Madame:* Votre petit pays; mais d'où êtes vous?

*J. P.:* (Stolz.) Madame, je suis Luxembourgeois!

*Madame:* (Mat franse'schem Accent, spréngt op.) Ah, dir sit Letzeburger! oh wellkomm! ech sin och Letzeburger!

*J. P.:* (Verwonnert.) Dir sit Letzeburger! mais, pardon, Madame, --

*Madame:* Jo, -- jo Hèr, mè erlâbt, duerf ech no èrem Nuem froen, Hèr Lieutenant?

*J. P.:* J. P. Fromer, madame, vu Letzeburg.

*Madame:* Mè ewèll sit dir ons ere'scht wellkomm, Monsieur Fromer, mè Claire, komm begre'ss den Hèr Fromer.

*Claire:* (Ganz verléen.) Bonjour, Monsieur Fromer, et frèt mech hei e Letzeburger ze gesin. (Get him d'Hand, mè kuckt verléen op èng Seit.)

*J. P.:* Oh, wat eng Fréd ass dat fir mech, mè da wârt, ech hun nach e Letzeburger hei bei mer, en ass amerikaneschen Zaldot, en ass ewèll e Joer bei mir als Borscht, a wellt net me' fort. (Gét an d'Dir a riff:) Pitter! — Pitter!

*Pitter:* (dobaussen) Yes, mon lieutenant! (Kent eran a stëllt sech stramm) .. à vos ordres, mon lieutenant.

*J. P.:* Pitter, schwëtz ewe' de Schniewel der gewuess ass, de' Dammen do sin och Letzeburger. Kuckt, dir Dammen, dât ass e brâwe Jong, dé mir vir engem Jor am Bois le Prêtre d'Liewe sauve'ert huet.

*Madame a Claire:* Pas possible, dé gudde Jong!

*Madame:* Kommt, elo drenke mir emol nach e Glas Wein zesummen, op de' nei Bekanntschaft, an op ons le'f kleng Hémecht. (Sie setzen sech.) «Suzette».

*J. P.:* Pardon, Madame, a we' kommt Dir dann elei hin, wann ech eso' virwetzeg darf sin?

*Madame:* Mais, ech si bestuet gi mam Marquis d'Aumont, dén ech zu Mondorf am Bad kenne gele'ert hun, hien ass ewèll scho läng do't, mais emmer gin ech nach gire

no Lëtzeburg, ech a meng Duechter; a vu Kandsdègen un huet onst Claire d'Letzeburger Spröch gele'ert a mir zwè enert ons schwëtzten net anescht. Och onst Suzette ass aus dem Grand-Duché.

*Suzette:* (kent eran, serve'ert de Wein a gêt crem fort.)  
(Sie schocken zesummen, drenken.)

*Pitter:* (drenkt aus) Pardon, Mesdames, ech muss goen, ech hun Dengscht. Au revoir, tout le monde!

*Zesummen:* Au revoir, Pitter!

*Madame:* Excuse'ert mech, Hèr Fromer, da gin ech meng Préparative mâchen, fir de Fall, dass mer misste fort. Claire, hâl du an dèr Zeit dem Hèr Lieutenant Gesellschaft. (fort)

*Claire:* Jo, Mamm.

*J. P.:* (no enger Weil, andém dass se allenzwè verlée sin.)  
Fällt et lech dann net schwe'er, aus deser sche'ner Hémecht hei fort ze go'n, Joffer d'Aumont?

*Claire:* Ech ble'f le'wer hei, Hèr Fromer, mais wann ech denken, dass an e puer Stonnen oder an e puer Dég mir sollten de' aner zu Besuch hei hun, oh non, jamais, non, ech gi le'wer fort, an et wëss ê jo net, wat engem nach hei kennt passe'eren.

*J. P.:* Dann hätt der de' aner, we' der sot, net giren zu Besuch?

*Claire:* Oh, Hèr Fromer, a we' kenn der nach froen, ech kenne jo de' Leit guer net.

*J. P.:* (lâcht) Joffer d'Aumont, mech kenne dir jo och net.

*Claire:* Ah, voilà, dat ass eng ganz aner affaire, d'abord, dir sit e franze'schen Zaldot, an, eng Hâptsäch, dir sit e Letzeburger Jong.

*J. P.:* Dir étonne'ert mech, Joffer, hal dir dann eso' vill op d'Letzeburger Leit, an op d'Letzeburger Land?

*Claire:* Mais oui, Monsieur, ech stâme jo vu menger Mamm hirer Seit och aus dem Letzeburger Land, an ech betruichte mech och emmer plus ou moins als Letzeburger. A propos, huet dir këng Nouvelles, we' ass et dohém bei lech, ass do och Krig?

*J. P.:* Ech he'eren neischt vun dohém, Joffer, mais ewèll zenter de' halef Stonn, wo' ech d'E'er hun ère Gäscht ze sin, ewèll iwerkennt mech d'Verlängereren. We'sst ech nemmen we' et dohannen ass, ech wëss net, liewe meng Mamm a meng Geschwester nach, oder net? (E kuckt op seng Auer.) Oh, excusez-moi, Mademoiselle, ech muss meng Poste revide'eren; an enger Minutt sin ech erem hei. (Fort.)

*Claire:* (Eleng.) Dén arme, gudde Jong, we' dét e mer eso' lèd mat sengem Verlängereren no hém an no senge Leit. — Ech wëss net, — ech mënge scho bâl, ech wär Familge mat him. — Ah, — et déng mer wirklech lèd, wann e fort vun ons ge'ng.

Lidd N° 3. Duo: Oh, we' ass et mir bäng.

(Claire d'e'scht elèng; iwer dem Sengen kent de J. P. eran, bleibt bei der Dir ston, an tritt ere'scht vir, wann hien ufénkt ze sängen.)

I. Couplet.

*Claire:* Oh, we' ass et mir dach bäng,  
Wat stemmt mein Hierz eso' traureg?  
'T ass jo nach guer net läng,  
Dass hie mir sot vum Letzeburger Land.

*J. P.:* Ech wëss net wat dat ass,  
We' denken ech haut u meng Le'f dohém?  
'T huet mir d'Hierz jo bâl zerrass!  
Ob sie dohém och denken un hirt fèrent Kand?

*Zesummen:* 'T ass d'Suerg fir d'Héméchtsland so' le'f,  
De' leit ons an dem Hierz so de'f;  
Si mir och hei, am frieme Land,  
Mir dënke ste'ts un d'Héméchtsland.

II. Couplet.

*J. P.:* Nén, 't ass dat net elèng,  
Wat mir mein Hierz -so' agite'ert,  
'T ass nach eng âner Péng,  
Eng Péng foll Schmierz a Giecklechkét.

*Claire:* Och ech, ech kann iech et gestôn,  
Och ech, si ganz erfe'ert,  
Wât ech am Hierz jo no him drôn  
Re'scht zenter kûrz an dach eng E'wegkêt.

*Zesummen:* 'T get èppes an dem Menschenhierz,  
Wat mécht iech Fréd, mè och vill Schmierz;  
'T ass d'Le'ft, de' ons zesumme bréngt,  
Wann d'Sonn ons hëll an d'Hierzzer schéngt.

(Wann d'Lidd gedoen ass, bekucken se sech eng Weil, da kent de J. P. bei d'Claire, an helt him seng Hand; d'Claire kuckt verléen op eng Seit zu Buedem.)

*J. P.:* (douce) Joffer d'Aumont! (No enger Weil.) Joffer Claire!

*Claire:* (kuckt op) Oh, Hèr Fromer!

*Madame:* (Kent se'er erân, mat enger Kassett an der Hand; sie stëllt se op den Desch.) Voilà, enfin, ewèll ass d'Sâch an der Rei; wann se ewèll kommen, dat wichtechst ass elo an, an de' âner Sâchen, de' kann ech jo eso' net mat-huelen. (Et he'ert én treppelen a ruffen hanner der Scèn.)

*Pitter:* (stramm) Mon lieutenant, ech mängen se kommen.

*Madame a Claire:* (jeitzen hårt) Mon Dieu, mon Dieu, oh quel malheur, oh Hèr Fromer. (Hénken sech un en.) Monsieur, helleft ons! Sauvez nous!

*J. P.:* Mesdames, soyez tranquilles, bleibt nemme ro'eg; fir Iech ass këng Gefor, gitt, losst uspänen, pâkt an, a furt no Nogent, mir dëcken èr Retraite a kommen no, eso' bâl ewe' me'gelech; mir sin all zu Pèrd, a mer wèrten Iech scho geschwenn erem kre'en.

*Madame a Claire:* Mè ass et och wo'er? Oh, Hèr Fromer, losst ons net am Piang! (Madame a Claire fort, a lossen d'Kassett stoen.)

*Pitter:* All right, Hèr Lieutenant!

*J. P.:* Bien, ge'! Du an nach zwe' Mann sollen erâkommen, a vun deser Fenster aus de Feind observe'eren; wann se ugreifen, da sche'sst och. (Pitter fort. Et he'ert è

sche'ssen an hei ant do jeitzen d'Preisen Hurrah, an d'Franzo'sen vive la France! J. P. gét bei d'Fenster a kukt mat der Jumelle aus, gleich drop kommen Pitter an e puer Mann era bei d'Fenster, lueden, a fénke gleich un ze sche'ssen.)

*J. P.:* Courage, mes enfants, ne vous gênez pas de leur casser la cervelle. (E lêft aus, kent gleich erem, kukt mat der Jumelle, se sche'sse me' no, e lêft erem aus an an, op êmol he'ert en dobaussen d'Marquise jeitzen:)

*Madame:* (dobaussen) Oh Hèr Fromer, oh quel malheur, ons fortune, ons Kassette stêt nach do bannen.

*J. P.:* (lêft an d'Dir) Madame, sauvez vous, mir kommen no, ech brénge en èr Kassette mat. (Kent erem.) Allons, Pitter, we' ass et?

*Pitter:* Et sin der e puer iwer d'Mauer geklommen, mè de' hu missen dru glêwen.

*J. P.:* Bravo, mes amis, dat ass gut gemât, encore quelques minutes, dass de' Dammen eng kléng Avance kre'en, an da gi mir hinnen no, mir sin ze schwâch ge'nt de' do all.

*Pitter:* Wat, ze schwâch, — wære mir der en ètlech weider, da sollt der emol gesinn we' mir se ge'we botzen.

*J. P.:* Arrêtez, mes garçons, encore quelques coups, j'entends qu'ils sont déjà dans le château, — et — maintenant — en avant! (D'Zaldoten hurteg eraus, de Pitter no, op êmol jeitzt en:

*Pitter:* Halte, an d'blêche Bex, Hèr Lieutenant.

*J. P.:* Ah ja, elo hat ech se dach bal vergiess. (Et he'ert ên d'Preisen am Niewenzemmer; J. P. hellt d'Kassett, lêft no rechts eraus, iwerdém gêt d'Dir lenks op, en deitschen Zaldot sprengt eran, de Preiss an de J. P. hiewen zu gleicher Zeit de Rewolwer a sche'ssen, den Deitsche fällt mat engem Krêsch op d'Gesicht, de J. P. fort, an et kommen aner Deitscher eran, falen iwer d'Iessen. an d'Gedrenks hier wat um Desch stêt, a sichen iwerall.)


*I. Deitschen:* Himmel kreuzbombenclement, jetzt ist die verflixte Bande doch ausgerückt, die soll doch der Teufel

holen. (E geseit den Do'degen.) Und du, armer Kerl, hast du doch dran glauben müssen! Adieu Kamerad, du hast es überstanden, (traurig) und wir, wie lange noch? (me' fest) Na, s'ist Krieg, im Krieg gehts nicht anders, doch jetzt die Hauptsache, wir haben das Schloss, und darum: Hurrah!!

Lidd 4. (Gloria, Gloria Gloria Victoria.)

RIDO.





### III. AKT.

Den dretten Akt spillt zu Letzeburg, am J. P. senger Stuff,  
zwê Joer nom Waffestillstand.

*J. P. Fromer. Pitter. Den Hèr Einstein. Den Adolf.  
E Facteur.*

D'Bün stëllt eng gewe'nlech Stuff vir, de' de J. P. sech  
niewend aner Reimlechkêten an der Städt gelo'nt huet. An  
der Mett en Desch, am Fong an op be'de Seiten je eng Dir,  
e Kanapé a soss e puer Miwelen, op der Seit hènkt e Spigel.

Wann de Rido opgêt, stët de J. P. beim Spigel, e mecht  
Toilett fir eraus ze goen, iwerdém riffit en:

*J.P.:* Pitter! — — Pitter!! (no enger Weil me' hârt:) Pitter!!  
(nach me' hârt) Nom d'un nom, Pitter!!!! — — wat ass  
dat e Misère mat dém Mensch!

*Pitter:* (am Niewenzemmer) Jo, Hèr. (E kent eran a stëllt  
sech stramm virun de J. P.)

*J. P.:* Wanns 't alt nemmen hallef eso' dâf wärs, Pitter, et  
muss ên sech jo d'Knäpp vum Paltong jeitzen, fir dass  
d'ê solls verstoen. (De Pitter wellt èppes soen.) 'T ass  
gutt âle Compagnon, ech wëss nach ze vill gutt we's de  
dât erwescht hues. (Et schëllt) Ah, lauschter, et schëllt,  
ge' emol kucke wien do ass. (Pitter fort.)

*Pitter:* (kent erem) Et wor de Facteur. (Get zwe' Bre'wn of.)

*J. P.:* (liest se) Nom d'un nom, wat ass dat elo!: Ech soll  
bei Germains op den Te' kommen, a mei le'we Friend,  
den Hèr Einstein dé wellt mech derno em 11 Auer mat  
senger Visit bee'eren. (Bedènk sech) Lauschter, Pitter  
spetz deng daw O'eren, ge' a Germains, an da sés de —

meng Excüsen, an ech kennt net kommen, elo — well —  
et wär — et wär e Friemen do. —

*Pitter:* D'Wäschesch brengt se den Owend, se si fierdech.

*J. P.:* Wat totz de do? schwätz kê Blech, a geff e we'neg  
uecht, — — an da kenns d'erem, botz dei Pèrdsgeschirr,  
a wann den Hèr Einstein kent, — hues de verstânen?

*Pitter:* Ech botze bei der Dir.

*J. P.:* (enerbrecht en; hârt) dei Geschirr, hun ech gesot.

*Pitter:* (fiert virun) A wann Hèr Beinschwein kent —

*J. P.:* (brellt) Einstein, hun ech gesot, spân deng O'eren op,  
't ass e knaschtege Wucherer.

*Pitter:* (schmunzt) Einstein, Yes Mister.

*J. P.* Maja, wann dé kennt, so em nur ech wär eraus.

*Pitter:* All right, Hèr Frommer, dat wërde mir glänzend  
besuergen.

*J. P.:* Da ge' ewëll bei Germains, Pitter, a fleiss dech erem.  
'T ass dat drett Haus lenks. (Pitter fort. — J. P. fir  
sech:) 'T ass schued fir dé gudde Jong, dass en neischt  
he'ert, mais well hie mir dat ze verdanken huet, duefir  
halen ech hien och bei mir eso' lāng we' e lieft. — — Ech  
hun him jo mei Liewen ze verdanken, — an och, — (e  
weist op d'Kassett, de' um Büffet stët) dass ech de' ver-  
fluchte Millio'n nach elo hun. (E fènkt eng Zigarrett un  
a gêt lenks fort.)

*Einstein:* (dreckt e we'neg durno lues a lues d'Dir op, kent  
eran, kuckt ronderem sech.) Ja, si mer allein, haw ich  
en doch geschriebe dass ich tät komme hait em elfe.  
(E kuckt op d'Auer.) S'isch ja noch nicht ganz elfe, —  
r'ischt vleicht in der Kùch. (Gêt rechts aus.)

*Pitter:* (kent erem, geseit d'Diren opstoen) Goddem! wat  
ass dat elo, den Hèr fort, d'Diren op, a wat ass dann  
elei bannen? (Gêt óp d'Dir rechts lass a kuckt, lét de  
Fanger op d'Nues, fir sech:) Aha, 't ass de Beinschwein,  
aha, mais dé welle mir elo emfènken. (Stëllt sech hanner  
d'Dir a wärt.)

*Einstein:* (kent erem; wann en hanner der Dir eraus kent, schle't de Pitter him d'Fauscht op de Kapp, dass den Hut him bis iwer d'O'eren an iwer d'Gesicht gêt, hellt en da mam Krag, schlêft e bis bei d'Dir, get em nach en decke Fo'ss hanebei a geheit en eraus.) Aauu! (sêt den Einstein, de Pitter mecht d'Dir erem zo'.)

*Pitter:* (sengt)

Lidd N° 5.

Ech sin de Pitter, kuckt mech all,  
A Städt a Land bekannt.  
A Clausen, Grond a Päfendall  
Den dâwe Pitt genannt.  
Drei Jôr lîng stong ech als Zaldot  
Am Krich als Legionâr.  
·/. Du ko'm den Dâg, o Zapperlo't,  
Wo' 't hêscht, fini la guerre. ·/.

Mat Kolben, Flent a Bajonett  
Go'f drageschlön a muencher Schluecht.  
Mais Pitt, des Boxerei de' wor me' nett,  
Kên Deiwel hätt sech de' geduecht!  
Sin ech och haut net me' Zaldot,  
Mais trei stin ech zum Här.  
·/. Duerfir dir Leit, matt Dôt a Rôt  
Denkt un ons dâper Legionâr. ·/.

(Wann e fierdeg ass, gêt e lenks eraus; op êmol gêt d'Dir erem op, an den Einstein kuckt ângschtlech eran a sêt:)

*Einstein:* Gott der Gerachte, träum ich oder wach ich, oder wie isch mer geschehen, s'kann nicht sein, es ist e Missverständnis, ich wills nicht untersuche, s'isch mer zu gefährlich, — — werd ich schreibe schriftlich dem Hêr Fromer, — und nicht mehr gehn mindlich zu ihm, — um zu vermeiden de Missverständlicheite, — un — mei zerknillte — neie Hut, — was ich hob gekooft alt, werd ich aach bringe in Rechnung fors ôfache. (E gêt, an der Dir dre't en sech nach eng Ke'er em a sêt:) Na — werste lang nausgeworfe, — nachher lebste lang. (Fort.)

*Pitter:* (kent erem a fênkt un opzeraumen an ze kieren.)

*J. P.:* (kent durch d'Mett) Aha Pitter, comment ça va?

*Pitter:* All right, Hêr Fromer.

*J. P.:* So, Pitter, ge' elei niewend a Kachen, a fro en Iéssen fir zwo' Perso'nen, mei Frend Adolf kent derno. — A propos, — hues de meng Commissio'ne gemâcht, — wat sote Germain's?

*Pitter:* Aah, Hêr Fromer, dat sin emol fei Leit; d'Madame huet mir och fenef Frang gin.

*J. P.:* O'h, a we' dat dann?

*Pitter:* Nu ja, d'Joffre wollte grad eraus gôn, se wore grad an der Dir, an du, an du hun sie mech gefrot, an du hun ech gesot, e sche'ne Bonjour vum Hêr Fromer, an e kent net kommen, et wier kên Hiem me' do.

*J. P.:* (reisst Mond an Aan op.)

*Pitter:* Jo, an du hun sie gelâcht, dass se sech gediebelt hun, an d'Mamm och, dass ech gemengt hât dén decke Krapp ge'w er baschten, an durno go'wen se ganz frentlech, an op ech aus dem E'sleck wir, an — —

*J. P.:* Pitter! — a wanns de kên eso' en treie Jong wârs, ech he'l dech mat déne lîngen O'eren, an ech ress der se aus. Aplâtz ze soen ewe' ech, et wâr e Friemen do, sêt dé Kierel, et wier kên Hiem me' do. Wat bringst du mech nach an Onggeléenhêten, du Deckheiter! — — Probablement hues de mam Hêr Einstein och erem eng Dommhêt gemât, wat huet en alt gesot?

*Pitter:* Guer neischt, Hêr Fromer.

*J. P.:* Guer neischt, we'??

*Pitter:* Nên, kê Wuert, kê Wirtchen. En huet eso' gekuckt ewe' eng jong Kâtz, wann ên se op de Schwanz tritt. —

*J. P.:* Nom d'un nom, wat hues dû da gesot?!

*Pitter:* Ech? — och neischt, — mir hun iwerhapt neischt geschwat.

*J. P.:* Dat elo begreifen ech net. — En huet dach secher gesot e kimm erem?? —

*Pitter:* Dên elo erem? — glêw Dir dat net, dén elo kent sei Liewen net me' erem, ech mêngen dén hât es genug!

*J. P.:* Wat der Deiwel, nom d'un nom, a wat hues de nam-mol gesticht???

*Pitter:* Goddem, Hèr Fromer, mais wat Dir mech ugestallt huet.

*J. P.:* So', a wât hun ech dech dann ugestallt???

*Pitter:* Mais, mais, Hèr Fromer, dir huet dach gesot: «Pitter, et kent eso' e Kierel, e Wucherer, schlo duer a geheï en eraus, — an dat hun ech gemât, ech hun e mat der Kra-wâtsch geholl, an ech hun en eraus geheit, e Fo'ss bei den Digel gin dass en hätt kennen d'Maul- und Klauen-seuche kre'en. Ech konnt net me' fest schloen, en huet sech zevill gebeckt, mais den Hutt ass em bis op d'Scheller gäng, Goddem!!

*J. P.:* (lâcht hârt op.) Ah, ègentlech hues de dat ganz gutt gemâcht, mais, wann den Einstein dech verklot, da kanns du brommen, du hues këng Ro' bis de mat dengen dawen O'eren eng Sérieux gesticht hues. Aplâtz datt ech soen: So nur, ech wâr eraus, verstët hien: schlo duer a wèrf en eraus. Du dënks vill zevill indépendant. We's du vun engem Kierel, engem Wucherer he'eren hues, du wor et dir gleich em d'Erauswerfen ze din. Gef besser uecht, a mâch wats de ugestallt gess. An ewèll, demi tour, en avant, marche! Ge' huel dat léssen, du âle Leitsgeheier. (Pitter gre'sst militäresch a gêt fort. — Et klappt.)

*J. P.:* Entrez!!!

*Adolf:* (Kent durch d'Mett.) Bonjour, J. P., bonjour, âle Frend, we' ass et, we' gêt et?

*J. P.:* (Se gin sech d'Hänn.) Merci, Adolf, merci villmol. An du dann, we' schle's du dech dan erdurch; we' läng hu mir ons net me' gesin, mais we' fro' sin ech dach dass de menger Invitatio'n gefollegt hues!

*Pitter:* (kent mam léssen, serve'ert Wein a Be'er, stëllt Cigaretten an Cigaretten op den Desch, an ze't sech zreck.)

*Adolf:* Ass dat net dén dawen Amerikaner, déns de zo' Château-Thierry bei dech geholl hâs?

*J. J.:* Mais parfaitement.

*Adolf:* We' kanns du dén dawen Dapp eso' läng halen, e verstët jo alles nemmen hallel!!

*J. P.:* Ja, ech kann dé Jong net entbieren, dat ass eng Pierel.

*Adolf:* Dén do eng Pierel, mat dém Kapp!!

*J. P.:* Ja natirlech — am Bois le Prêtre huet hie mer d'Liewen sauve'ert. Sei ganzt Regiment wor bal do't, de' puer de' iwreg bliwe sin, de' wore versprêt, an du ass hie bei mir bliwen.

*Adolf:* Dén elo hätt dir d'Liewen sauve'ert?!

*J. P.:* Jo, mei Jong, — hei huel der erof, — mais du wëss jo dass ech am Bois le Prêtre eng blo Bo'n an d'Existenz krût, ech blo'f leien wo' ech vum Pèrd gefall' sin, d'Schluecht huet sech weit fort gezun, an ech hât këng Aussicht dass d'Brancardiéen mech sollte fannen, ewèll et go'f schon Nuecht. — Hei huel der erof — à ta santé — Elei, we' ech eso' do luch, op émol gesin ech ên do kommen, ech wosst net, ass et e Preiss, en Englänner oder en Amerikaner; am Donklen hun de' Kâpen sech jo all geglach, an du hun ech mech do't gestallt, — elei op émol fällt e mer iwer d'Bên. — «Goddem», huet hie geflucht. «Gott sei Dank», hun ech geduecht, — «o Mamm», hun ech ower vu Peng misse jeitzen. Du dre't en sech em, setzt sech bei mech op d'Kne'en a sét: «Bass du och e Letzeburger, da gin ech ewèll net fort» — an hien huet mech soigne'ert, an huet mir fort gehollef. Dat wor mei guddé Pitter; en huet an der amerikanescher Arme' gedéngt, an en huet vu Fréd gekrasch dass en emol endlech e Letzeburger gesin huet.

*Adolf:* Kuck elei, mais dat elo hues de mir jo nach kémol erzielt.

*J. P.:* Majo, en hât mech duer gebëtt eso' gutt ewe' et do me'gelech wor, uewen op engem Hiwel, bei enger preisescher Batterie; ech hât stârk Fe'wer an ech hun e gescheckt kucken ob kê Wässer ze fanne wir. We' e fort wor, de Mònd huet hëll um Himmel gestan, vu weitem huet ên se nach âl he'ere bombarde'eren; do op émol gesin ech dèr Maròdeuren, de' do gungen dénen Do'degen

d'Täsche féen, an ech hu scho geduecht, «ewëll sin ech verluer», du kumm de Pitter erem. We' hien he'eren huet wat neiss, du gët hie jo hin an huet dër Hobitzen eng op se lassgefeiert. Et go'f der e Krächert, ech hu gemengt de Bîrg fe'l zesummen; mais d'Marodeure wore fort, an dé gudde Pitter wor daw gi vun dém terrible Schlâg. Et huet sech jo alt scho gebessert, mais mat Dég huet en d'O'eren ewe' zo'genélt.

*Adolf:* Ah so'! Da verstin ech dech, — mais so, dat ass eng interessant Geschichte, ech wellt ech hätt och eso' eng erlieft.

*J. P.:* Oh jo, ech hun am grösse Krich vill gesin a mat-gemat, an ech ge'f de' Souveniren do fir kê Geld a kê Preis. — Et si mer nach aner geschitt ewe' de' do, vill me' interessanter, par exemple «de' mat der Millio'n».

*Adolf:* Nondikass!! haut entdés du emol eng Ke'er, — ech he'eren emmer soen, du wärs eso' en interessante Mensch, ech wosst kémol wuefir — et he'ert én dech kaum emol schwëtzen. Dajé, erop mat der Millio'n!

*J. P.:* Hm, 't ass eng einfach Geschichte. A propos; mâch emol eng un, hei eng Cigare, eng Cigarette.

*Adolf:* (mécht eng un, iwerdém) Dajé, we' ass et dann démols gângen mat der Millio'n?

*J. P.:* Nujé, wëll ech dermat ugefângen hun, eh bien, ech wor mat 10 Mann am château d'Aumont âquarte'ert. D'Madame d'Aumont, sie stamt och aus dem Grand-Duché, sie an hier Duechter —

*Adolf:* (ennerbrécht) Aaaaaa!

*J. P.:* (get be's) Këng Reflexio'nen, s'il vous plaît, soss halen ech gleich op. — Hei dréck emol — Gesondhêt — also', de' Damen hun am Ufank net sche' gekukt, we' ech mat dénen 10 Légionnaires ugeréckt kumm, mè hanneno, we' se gesin hun, dass ech mat menge Leit ganz mane'er-lech woren, du go'wen se me' frendlech, an hannen um Enn, we' et sech erausgestalt huet, dass ech Letzeburger wâr an sie och, du go'we mer ganz intime zesummen, — et wor sche'n. — Iwerdém sin d'Preisen ons op de Pëlz geréckt, grâd hât ech mat der Joffer e Lidd vun

der Hémecht gesongen, du gong et lass; mir hâte ganz vergiess, datt Krich wâr, d'Joffer hât eso' eng sche' Stemm, du kent de Pitter erân, d'Preisen hätten d'Schlass iwerfall. Mir hun se emfângen eso' gutt ewe' me'gelech, mè mir woren ze schwâch. Ech hât den Dammen och gesot, se sollen no Nogent fueren; si fort, elei hâten se hirt Verme'gen — et soll eng Millio'n sin — stoe geloss an dër bléche Bèx, de's de elo nach geseis. Mir sollte grad och fort, du huet de Pitter de' lèscht Minutt se gesin, mè et wor Zeit; mir zu enger Seit eraus, d'Preisen zu dër ânerer erân, an op d'Kopp geschoss, a fort, mir op d'Pèrd an den Dammen no, mè mir konnten se net me' fannen, entwéder sin se en ânere Wé gefuer — oder de Preisen an d'Hänn gefall — kurz a gutt, ech hun sie net me' erem font, du huo'le mir do mat der Millio'n.

*Adolf:* Nondikass, dat elo wor alt eng gefe'erlech Affaire.

*J. P.:* Enfin, am Krich ass et net anescht, mir sin eng ganz Stonn dénen Dammen nogerannt, mè sie wore fort, dobei hu mir gleich misse bei d'Régiment.

*Adolf:* (ennerbrécht) An d'Millio'n?

*J. P.:* Ja, ja, de' Millio'n, wat hun ech de' èppes verwenscht, an de Pitter ere'scht, wat hât dén Arbecht dermatt. Ech konnt se net emmer enert dem Arm nodroen, an du hun ech him se opgelueden. Dé gudde Kierel wor eso' am Lèd mat dém ville Gèld, dass en an sengem Dëngschit-eifer eng Dommhêt iwer de' aner gemât huet.

*Adolf:* An dir huet se durch d'Schluechten an d'Schütze-gruewen iwerall matgeschlèft?

*J. P.:* Ja, Adolf, do hâte mir këng Banke fir de' Sâch opze-hiewen.

*Adolf:* An de' Dammen, hun de' se dann net reklame'ert?

*J. P.:* Nèn, ech hun an allen Zeidongen Annonce gemât, iwerall nogefrot, se hun sech net gemèllt.

*Adolf:* Dann hâten de' d'Millio'ne felleg; hues de dech dann net bei der Familjen emfrot?

*J. P.:* D'ganz Familjen ass ausgestuerwen, nemme grâd an Amerika soll nach e Generol d'Aumont liéwen, an de' Dammen sollen am Schlass, dat vun de Preise verschoss

go'f, emkom sin. Dass dat net wo'er ass, wëss ech jo, mè wat ass aus e gin? Wié wëss. op ech d'Madame d'Aumont an d'Joffer Claire nach eng Ke'er ze gesi kre'en!

*Adolf:* Claire?!

*J. P.:* Maja, wuefir frés de?

*Adolf:* Pardon, ech duecht nemmen, dass de dei sche'ne Bidet och Claire genannt hues, an du, an du —

*J. P.:* An du hues du geducht, wëll ech dat Pèrd eso' giéren hun, —

*Adolf:* Parfaitement, du hun ech elo geduecht, — du hätts dech an d'Joffer Claire verle'ft.

*J. P.:* Verle'ft! (Traureg.) Op dat dat richtegt Wuert ass! Mei le'wen Adolf, zenter zwë Joer dénken ech nemmen ént — én Nuem — é se'sst Gesicht — é Médchen — (lues) «Claire»! (En hält d'Hänn virun d'Gesicht.)

*Adolf:* Aha, duefir wors de emmer eso' stell a mélancholisch, — a sie dann, dei Claire?

*J. P.:* Mei Claire! Méngs du dann, ech als ârme Jong, als Friemen, ech wër eso' kéng an eso' onhe'flech gewiësch, nemmen mat engem Wuert unzesto'ssen?

*Adolf:* Je, je, pāk ā mat denger Millio'n, et gët engem jo ganz no, hémlech eso' vill Gèld ze gesinn, wann én nemme 5 Frang a 7 Sou an der Tèsch huet. Nujé, ech wëss ewëll wuer ech gin, wann ech emol kē Gèld me' hun.

*J. P.:* Et ass jo meint net, an ech liéwen dese Moment jo ganz mat gele'nte Suen. Dat elo leit mir (weisst op d'Kassette) nach 100 Joer gutt, mei Verme'gen héngt elo an der Loft. Du wëss jo, dass ech e Prozëss hu mat ménge Schwe'er. No dém, wat mein Affekot mir gesot huet, hoffen ech, deser Dég ên de Prozëss ze gewinnen. An dann, mei le'wen Adolf, si mer e gemâte Mann, an dé le'wen Her Beinschwein, we' mei gudde Pitter emmer sét, kent och erem zu séngem Gèld.

*Adolf:* (stët op) Ja, mei le'we J. P., elo muss ech erem goen, et huet mir vill Fréd gemât dech erem gesinn ze hun, ech wenschen der all Gléck, ech hoffen, elo treffe

mer ons me' oft. Dajé, au revoir! (Se gin sech d'Hänn, den Adolf fort.)

*E Facteur an de Pitter.* (De Facteur bréngt en Telegramme a gët erem fort.)

*J. P.:* (liësst et, e schle't d'Hänn virun d'Gesicht a le'sst sech op e Stull fälen.)

*Pitter:* (hiëft den Telegramme op, dén op de Buedem gefall wor a liësst hårt) «Herrn J. P. Fromer! Bedaure sehr, Prozess in letzter Instanz verloren. Gruss, Faitrien, Rechtsanwalt.» — Goddem, do soll en hëllegt Donnerwiéder dra schloen!

*J. P.:* (kuckt op. Verluer — alles verluer! Pitter, ewëll sin ech ere'scht ârem.)

*Pitter:* Mè — mè an der blèche Bèx ass ower nach e beschen.

*J. P.:* Nén, nén, Pitter, dat ass meint net. — Arem mat der Millio'n, — de' mir net gehe'ert, arem u Gèld an — nach me' arem mat menger hoffnongslo'ser Le'ft! (E séngt.)

#### Lidd N° 6.

We' sin ech eso' onglecklech,  
D'Verme'ge ganz verluer,  
Meng Zo'konft gro a schrecklech.  
Oh wär ech ni gebuer.  
Oh Herrgott am Himmel,  
Voll Trauer a Léd ech sin,  
Erhe'er du meng Wi-rdér,  
Datt net zo' Grund ech gin.

Refrain: O Claire, le'ft hierzegt Känd,  
Fir dech schle't jo mein Hierz,  
O komm, a rêch mir trei deng Hand,  
Komm stëll mei gro'sse Schmierz.

RIDO.

---

 IV. AKT.
 

---

Spillt 14 Dég nom 3. Akt, am J. P. senger Stuff; et félen allerlé Miwelen a Biller, et geseit ên, dass en me' ârm gin ass.

*J. P. Fromer. Pitter. Hèr Einstein. Adolf.  
Madame d'Aumont. Claire.*

*J. P.:* (setzt traureg beim Desch. an esst e Steck Bro't an drenkt Wässer derbei. Et schèllt, — e sprengt op a sét:) Mon Dieu, erem ên, secher, dé kent fir Geld. Ech gin eraus, de Pitter kann en emfänken, — ech brengen et net iwer mech. (E gèt lenks eraus.)

*Pitter:* (kent gleich drop vu lenks, gèt op d'Metteldir lass, mecht se op, an den Einstein kent eran.)

*Einstein:* Schaine gude Dâg, schaine gude Morge, verehrtester Hèr! Kann ich hawe de Ehre ze spreche de Hèr Fromer?

*Pitter:* (kuckt net sche'n dran.) En ass net hei!

*Einstein:* R'isch nicht do? Wars mer doch ebe, als hätt ich gehört spreche de Hèr Fromer.

*Pitter:* (be's) Wat sés de, wien ass e frèche Kèrel?

*Einstein:* (hârt) Nix for ungut, verehrter Hèr, haw ich nicht gesait «frècher», haw ich gemaint ich hör spreche de Hèr Fromer.

*Pitter:* En huet nach këng Frächen.

*Einstein:* (fir sech) r'isch daaf, schrecklich daaf. (e brellt:) Wann kommt denn wieder der Hèr?

*Pitter:* Den Owend.

*Einstein:* (kuckt ronderem sech) Scheint ich hawe gemacht ä schlech Geschäft hier. (hârt) Ihr seid wohl recht ârem jetzt?

*Pitter:* Nèn, mir hu genuch, Goddem!! (fir sech) Wat gèt dat dén un, op mir ârem sin oder reich.

*Einstein:* S'scheint awer nicht. (Weist ronderem sech.)

*Pitter:* Goddem! a wa mir wellten, mir kennten d'hallef Städt kafen.

*Einstein:* Wie iss mer, — wie kann denn sein möglich das, mer dâts nicht saache??

*Pitter:* Abé, wann der et wellt wessen, — kuckt — do an der bleche Bex do hu mir nach me' ewe' eng Millio'n, Goddem.

*Einstein:* (reift sech d'Hänn) Gesai, gesai, frait mich, frait mich wirklich, — wärt ich mache dem Hèr Fromer mei Aufwartung ä andermol, — haw ich auch noch Zeit ä andermol, wenn de Hèr Fromer hat ä Million. (Reift sech d'Hänn.) Atché denn, ä chaine gude Daach! (fort)

*J. P.:* (kent eran, be's) Pitter, wat gès du dém fir Ligen erzielen, mir hu këng Millio'n. Kuck, du hues mer d'Liewe gerett, mais elo hues de dat erem wett gemâch. (Gèt iergerlech op an of.)

*Pitter:* Gewess hun ech d'Bett gemâch. (fir sech) A wat huet dén nemmen, dé get vun elauter schwârz Bro't iéssen a Wässer drenken nach ganz rabbelech, — nach e we'neg da gèt en ower an d'bleche Bex.

*J. P.:* (bedenkt sech e we'neg) Pitter, eso' kann dat elo net viru goen, — ech gin elo bei de Lazare, dé wollt mer scho lâng meng Pèrd ofkafen, elo gin ech bei en, d'Pèrd gi verkafft, — och du, mei gutt Claire, — da kann ech mech menger Schold lass mâchen. Oh, mei le'ft De'erchen, musst du elo dru gléwen, fir mech ze retten! — Pitter, raum e we'neg elei op, a botz alles. (fort)

*Pitter:* (kuckt em no) Goddem! Soll e wirklich? Nèn — et wärt net sin, e wärt mir dat le'ft De'erchen net verkafft hun. En hätt jo besser e ging an d'bleche Bex, dén Dabo, — de' âl Schnurchel kent jo dach net me 'erem. — Ja —

mais de' jong, — mmmh — wann de' ... (E reisst Mond an Aen op, ewèll iwer sengem Schwätzen ass d'Dir op-gängen, an op émol geseit en d'Claire an hir Mamm, de' erakommen.)

*Madame:* Ass et elei beim Hèr Fromer, s'il vous plait?

*Claire:* Oh oui, Maman, et ass hei, voilà de' drolech ordonnance, ech kènnen hien nach.

*Madame:* Alors, c'est bien vous, sit dir de Mr. Pitter?

*Pitter:* (en ass ganz paff) Halloh, — Goddem, — de' Al mat der bleche Bex — ah yes, ech sin et, an an — an — d'Joffer d'Joffer — Cl — Cl — Claire!!!!

*Madame:* An den Hèr Fromer, ass hien net hei?

*Pitter:* En ass — en ass — elo en ass mam — mam — elo ech wollt soen — Goddem — ech wollt soen — elo — en ass fort.

*Madame:* Mais comment, ass hien da weit fort, kent hien dann bientôt erem?

*Pitter:* Ech gin e sichen. (Dre't sech em a se'er fort.)

*Madame:* (kuckt ronderem sech.) Oh Claire, ech mengen hien ass net op Ro'se gebett, Mr. Fromer.

*Claire:* Ah Maman, il doit être bien malheureux.

*Madame:* We' arem ass hien hei installe'ert, — regarde!

*Claire:* (schle't hir Hänn virun d'Gesicht.) Oh Maman, we' kanns du ê pengegen. (kreischt.)

*Madame:* Qu'est-ce que je vois, Claire, du kreischs, och, a wofir?

*Claire:* (werft sech hirer Mamm un d'Broscht.) Maman, oh Maman, je l'aime, ech hun hie gier.

*Madame:* Du hues hie gier, wien, de Pitter?

*Claire:* Nèn, maman, de Jean Pierre.

*Madame:* De Jean Pierre? — den Hèr Fromer??

*Claire:* (lues) Jo, maman.

*Madame:* (verwonnert) O'h, dat hues de mir jo nach net gesot, an hien, den Hèr Fromer, huet hien dech och gier?

*Claire:* Ech wèss et net, maman, ech mènge, maman, elo, hien huet mir dat net gesot, mais ech mènge.

*Madame:* Du mèngs, mais dat ass dann net secher, mais, wat gi mer mâchen a wat gi mer ufènken, ech kann dach net soen: «hei elei ass onst Claire, — wellt Der et?»

*Claire:* Oh, maman, wann hie mech gier huet, an hie frét dech, geldu maman, n'est-ce pas, tu dira oui, so jo.

*Madame:* Claire, dengem Gleck well ech neischt an de Wé léen, mais qui sait, villeicht huet hien och schon eng Braut. Dènk dach, ewèll sin et scho me' ewe' 3 Joer dass mir hien net me' gesin hun, hien denkt vleicht emol net me' un ons.

*Claire:* Nèn, maman, dat kann net sin, elei (weist op d'Hierz) sét èppes mir dass hie mech och gier huet, an dass hien u mech denkt. (Sie sengt.)

#### Lidd N° 7.

Weit iwer'm Mier, am frieme Land,  
 Wo' kèng Kano'n ên he'ere konnt  
 Do sot zo' mir verlössent Kand  
 Eng Schmuelmesch, de' vu weit ass kommt:  
 «Ech wèss, dei Léd dat ass ganz gro'ss,  
 Mais lauschter wat ech dir lei son,  
 Dei Kreischen dat ass hei emsoss,  
 An d'Hémecht muss du gôn:  
 An d'Land, wo's du gebuer,  
 Do schle't fir dech e gutt treit Hierz:  
 Dat mèngt du wärs verluer.  
 Hien denkt un dech mat grössem Schmerz,  
 Ge' hêl de' Wonn, de' d'Le'ft geschlon,  
 Ge' hêm a sief fir hien seng trei le'f Liewenssonn.

*Pitter:* (kent erem, dre't sech an der Dir erem em a rifft:)  
 Jo, Hèr, kommt nemmen, se sin hei!

*J. P.:* (vu fèren) Wien dann, wien ass do?

*Pitter:* Mais de' Al mat der bleche Bex, an de' jong och!

*J. P.:* (kent eran, e bleift verwonnert an der Dir stoen, e lét sech d'Hänn op d'Aen, kuckt erem op.) Mesdames, Mlle Claire, pardon, Mlle d'Aumont, Madame, oh, quelle joie, quel bonheur de vous revoir. (Gët op se duer, get

hinnen allenzwê gleichzeiteg d'Hänn, en ass a voller Fréd.)

*Madame:* Bonjour, M. Fromer! Que nous sommes heureuses, de vous avoir retrouvés, we' gêt et dann, we' ass et, hu der de Krig gutt iwerstanen.

*Pitter:* (fir sech) Dat gléft de Papp, sie kent fir d'bleche Bex!

*Claire:* Bonjour, Mr. Fromer! (Get him d'Hand, hien hält se e we'neg un.)

*J. P.:* Willkommen, an der aler Letzeburger Hémecht, Joffer d'Aumont, mais dann huet Iech dach Plätz, dir Dammen. (Stëllt hinnen Still duer, sie setzen sech.) Alors, Mesdames, we' si dir dann démols fortkomm? Ech konnt Iech jo guer net me' erem fannen. Ech hät ganz Nogent durchfrot, a konnt Iech net fannen.

*Madame:* Jo, Hèr Fromer, dat wor onse Cocher Schold. Dén hät me' Angscht ewe' mir, an du huet hien sech verirrt, à peine si mir de Preisen entkomm, an du hannen um Enn si mir guer net no Nogent komm!

*J. P.:* Da konnt ech Iech wuel net fannen, den ârme Pitter (de Pitter schneit eng Grimass) hät bal këng Bën me' we' mer nuets zo' Nogent ons endlech konnten e we'neg niderléen, a mir alleguer wosste wat mer dén Dâg gemat haten!

*Madame:* Ooh, que je vous regrette, wat eng Arbecht a Gefor hate mir Iech cause'ert, an dir sit gutt entkomm, hat dir këng Leit verluer?

*J. P.:* Non, Madame, mais siwe Blesse'erter hate mer. Et vous, wo' wor Dir dann higângen? Ech hun iwerall no Iech froe gelöss, a konnt këng Nouvelle vun Iech kre'en.

*Madame:* Eh bien, — mir hun och no Iech gesicht a gefrot, Mr. Fromer, mais dé Moment wor neischt ze mâchen, dir wort jo emmer hanner dénen Deitschen, de' sech zreckgezun hun, an du si mir an d'Amérique gângen, wo' mei Mann se'leg nach e Brudder hät. Do si mir gutt emfânge gin, ewèll dé wor krank an du hu mir e versuergt; mais en ass ower elo vir en ètlech Me'nt gestuerwen,

duefir konnte mir och net e'schter bei Iech kommen.

A propos, we' si der dann durchkomm mat der Kassett?

*Pitter:* (dé mat Mond an Aen op nogelauschtert huet, fir sech) Goddem, elo gêt et fir d'Bex.

*J. P.:* (helt d'Kassett, stëllt se op den Desch.) La voilà, Mesdames!

*Madame:* Oh, tiens Claire, ons Kassett! Oh, Mr. Fromer, we' solle mir Iech remercie'eren? Wat muss Dir domat geplot gewiescht sin!!

*J. P.:* Et ass net derwiert dervun ze schwätzen, Madame!

*Madame:* Net derwiert, sot Dir. Pensez, Dir huet Ert Liewen an Eren Zaldoten hirt riske'ert, fir onst Verme'gen ze sauve'eren, an Dir sot et wier net derwiert. Mais, do ass mir eng, — non, sans façon, Mr. Fromer, we' solle mir ons revanche'eren?!

*J. P.:* (kuckt op eng Seit, fir sech) Wat soll ech elei soen oh, hält ech de Courage fir ze soen wat mir am le'fste wär. Mais dat kann ech jo net, a wie wëss op sie mech och gier huet. (hârt:) Madame, dât si Sâchen, de' hält jidderën a menger Plätz gemâcht, an duerfir sit Dir mir och neischt schelleg.

*Madame:* Ah, non, Hèr Fromer, non, dat well ech net, — Kuckt, durch den Do't vu mengem Schwoer sin ech reich gin, ganz reich, an Dir sollt Iech net emmesoss mat der Kassett geplot hun. Wesst Dir wat, elo mâche mir part et part, mir délen wat an der Kassett ass; eng E'er ass dèr aner wiert, well Dir??

*Pitter:* Goddem, all right, Hurrah!!

*J. P.:* (verléen) Madame, Dir hutt mech schlecht verstanen, ech hät wirklech guer këng Me' mat der Kassett, Dir sit mir guer neischt schelleg an ech hun et wirklech net gemâch fir bezuelt ze gin. Ech bieden Iech, hält Dir Er Kassett, wann Dir e gudden Souvenir fir mech behalen huet, da sin ech me' ewe' bezuelt.

*Madame:* Hèr Fromer, ech wëss, et ass net delicat vu mir, mais, entre amis kann ên en offens Wuert schwätzen. Ech kënnen Er Verhältnesser och guer net, mais Dir gift



mir e gro'sst Gefalen erweisen, wann Dir gift dé klènge Présent unhuelen.

*J. P.:* (kuckt op d'Claire, sie weicht sengem Bleck aus.) Nach eng Ke'er, Madame, villmol merci. Mais sicht dé gudden Souvenir, dén Dir an ech och vun deser Affaire hun, net domat ze zerste'eren, dass der mir de' Sâch wellt bezuelen. Ech bieten Iech, kê Wuert me' dervun ze schwätzen.

*Pitter:* (fir sech) De' domm Lo'der!!

*Claire:* Komm, Maman, mir gin erem. — Dir huet Iech vill change'ert, Hèr Fromer.

*J. P.:* Oh, Joffer Claire, meng Sentimenter fir Iech sin nach emmer de'sèlwecht, ech kann Iech net alles soen, mais d'Zeit ännert vill.

*Claire:* (traureg) Ech wenschen Iech vill Glect an Ierem Liewen, Hèr Fromer, Adieu! (Sie get him d'Hand.)

*Madame d'Aumont:* (get him och d'Hand) Au revoir, Hèr Fromer. Et bleift mir dann weider neischt iwreg, als we' Iech nach eng Ke'er ze danken. Wann Der e gudden Souvenir vun ons behalt, da kommt ons och emol besichen, Dir sit emmer wellkomm bei ons, gelt Claire.

*Claire:* Toujours vous serez le bienvenu. (Sie gi fort a lössen d'Kassett stoen.)

*J. P.:* (geseit et) Madame, Dir hutt èr Kassett erem ver-giess. — Pitter dro du dénen Dammen d'Kassett no, sie ass jo ze schwe'er fir sie! (De Pitter dêt et a schneid Gesicht derbei. — d'Damme fort, J. P. le'sst sech op e Stull falen.)

*Pitter:* (fir sech) De' Efaltan, do schwätzen se ronderem, spillen de' gekränk't Liewerwurscht, aplätz ze soen, do hutt der mei Ségen a fêrdeg mat der Wix. Do plot ên sech mat der Bex, an dén Iesel hätt se kenne kre'en, an en hellt se net. Goddem, do soll en hëllecht Donnerwieder dra schloen, voilà! (fort.)

*J. P.:* (Setzt um Stull, de Kapp an d'Hänn gesteipt, no enger Weil kent den Adolf.)

*Adolf:* Ah, bonjour J. P., we' ass et! Mais hei, we' setz de do, ass der èppes geschitt, so??

*J. P.:* Dènk der Adolf, wien hât ech elo zo' Besuch? —

*Adolf:* (ennerbrecht) Den Einstein?

*J. P.:* Den Einstein? Dé git mech net eso' an d'Lêd brengen, — nèn, Adolf, dé Besuch dén ech elo hei hât, dat wor — d'Claire an hir Mamm. Oh, dén domme Mensch dén ech sin. — Ech hât gemengt d'Claire hätt mech och e we'neg gier. A we' kommen se haut, se wollte mech bezuelen fir dass ech hinnen d'Kassett eso' gutt versuregt hât, — d'Claire huet mech kaum bekuckt. Oh Adolf, ech sin dén onglecklechte Mensch ennert der Sonn!!

*Adolf:* (fir sech) Elo ass èppes net richtig. — No dém wat hic mir erzielt huet vun déne Leit, kann do èppes net stemmen. (hârt) Dajé, J. P., Courage, do wèrd sech nach en Auswé fanne lössen. Solls du net och e we'neg dei stolze Kapp derbei gewisen hun?

*J. P.:* Nèn, ech wëss ewèll wat ech mâchen. (De Pitter kent erem.) Ah, Pitter, bass de erem do, hues de deng Sâch ofgeliwert?

*Pitter:* Jo, Hèr, de' al Schnurchel wollt mer nawèll en Drenkgeld gin. «Goddem!» hun ech gesot, halt èrt Drenkgeld, mir sin Eres net ne'deg, — an du hun se èppes matenê geschwat, wat ech net verstânen hun, an du, — oh Hèr Lieutenant! — du, — du huet d'Joffer ugefângen ze kreischen. (E wellt och kreischen a schwätzt krescherech.) An ech, elo se huet mir jo eso' léd gedoen — hannen um Enn liun ech och matgekrasch. An du ass de' Aal komm, an se huet mer d'Hand gin, an se sot zu mir: «Au revoir, Pitter, gelt du bass ower net be's iwert ons?», an du huet sie och ugefâng. Hèr, an du, we' et dreistemeg gung, du sin ech ugângen, ech konnt net me' nokucken.

*J. P.:* (e ka bal net me' schwätzen) Pitter! ech wëss wat mir elo mâchen, ge' bei de Lazare, breng d'Claire erem, de' al Mier kann e behalen. (De Pitter dre't schon erem em. J. P. rîfft:) Ech brènnen durch mam Claire! (De Pitter ass scho fort.) Pitter! mir gin erem an d'Legio'n, wo' et

am urgsten ass fir t'e'scht, ech hun deses Liewe sat, fort Pitter, fort ——— (e geseit dass de Pitter fort ass.)  
Hei, ass e scho fort?

*Adolf:* En ass gleich gängen, mais wat hues de dann elo nês fir e Plang, erem an d'Legio'n? de' wär gutt. Nën, J. P., eso' se'er muss ên de Kapp net hênke lÛssen, jé, sief e Mann! Du hâs dach soss me' Courage, ech an denger Plâtz, ech ge'f e we'neg wârden, an da ging ech de' Dammen emol besichen ———

*J. P.:* (ënnerbrecht) Hêsche goen, wells de wuel soen! Nën, Adolf, dat mecht dén hei net, mei Plang ass fierdeg: do, wo' am mêschte geschoss get, wo' d'Gefor am gre'ssten ass, wo' ech am mêschten Aussicht hun deses élèndege Liewe lass ze gin, dat mer nemme me' zo' Lâscht ass, do gin ech hin, a kèng zeng Pèrd solle mech do zreckhalen, kê Mensch soll mech empêsche'eren.

*Adolf:* Jampier, folleg mir, a schlof nach eng Nuet driwer, dat si Sâchen — (d'Dir gêt op, de Pitter, d'Mme d'Aumont, d'Claire kommen eran. — Den Adolf ka vun erschrecken net me' schwätzen, de J. P. geseit net dass sie komm sin a schwätzt:)

*J. P.:* Nach eng Nuecht driwer schlofen, mech anescht bedenken? Ha, Adolf, wat gess du mir fir Plangen. — Nën — d'Claire ass fir mech verluer, wo' konnt ech och mat menge Wenschen eso' he'ch goen, — mais, mei sche'nt Pèrdchen, dat ech och Claire nennen, dat gêt mat mir, — — mat mir an de Krig, mat mir an — den — — Do't!

*Claire:* (jeitzt op) Ooh, Jampier!!

*J. P.:* (dre't sech erschreëkt em) D'Claire!!! dir, ooh, wat soll dat namol bedeien?

*Madame:* (tret vir) Voilà, Mr. Fromer, mir sin erem komm, Dir hutt de Pitter gescheckt, mir sollte grad an den Zug setzen, du kent en iwer d'Gelänner gesprongen a jeitzt: «Madame d'Aumont!» Ech kucken eraus an du kumm en, en hat bal kê Otem me' an en huet net nogelÛss bis mir erem ausgesiess sin. Mais, Dir hätt lech ower anescht kennen audreëken vis-à-vis Erer Schwe'ermamm.

*J. P.:* Schwe'ermamm, mais Madame, je ne comprends pas —

*Madame:* Mais oui, Hèr Fromer, Dir hutt dach de Pitter gescheckt, hie soll d'Claire erem siche kommen, Dir git welle mat him durchbrènnen, du — —

*J. P.:* Madame, dat elo ass e Missverständniss.

*Madame:* (kreischt) Jo, hien huet ons alles gesot, och, dass der mech eng âl — —, nën, ech kann et net repete'eren, we' Der mech titule'ert huet.

*J. P.:* (jeitzt) Pitter, wuer hat ech dech gescheckt?

*Pitter:* (e fiercht, ängschtlech) Mais mais, Hèr Lieutenant, mais, dir huet dach gesot: «Pitter,» huet der gesot, «ge' op d'Gare ———

*J. P.:* bei de Lazare, hun ech gesot!

*Pitter:* an elo ech soll d'Joffer Claire erem brengen, elo, mir giwe mat er durchbrènnen, an de', elo de' Aal ———

*Madame:* 'T ass gutt, Pitter, sief du ro'eg. (zum J. P.): Alors, Hèr Fromer, de Pitter huet namol eng Ke'er falsch verstanen. Mais, ech mengen des Ke'er zu all Mensch sei Bèscht. Mir hun aus dem Pitter senge Rieden eraus font, dass Dir, Hèr Fromer, onst Claire gier hätt, an dir net de Courage hat fir dat ze soen. Ass et eso'?

*J. P.:* Ooh, Madame, wat wellt Der mat mir mâchen?

*Madame:* Eh bien, Mr. Fromer, ass et net wo'er?

*J. P.:* We' kenn Der ê pengegen! Eh bien, oui! Jo, ech hun d'Joffer Claire gier, vill le'wer ewe' mech sèlwer, mais, wat kann dat mir hellefen!? Ech, en ârme Jong, an Dir, ———

*Madame:* Claire, komm emol elei hin, mei Kand! (d'Claire kent) So, Claire, hei ass den Hèr J. P. dé sét, en hätt dech gier, wat wells de him duerop äntwerten?

*Claire:* (gêt bei de J. P., rêcht him hir zwo' Hänn) Jean-Pierre, hues de mech da ganz secher eso' gier?

*J. P.:* Claire!! ass et me'gelech, ass et wo'er??

*Claire:* Jo, Jemp, scho läng, zenter dass ech dech kënnen,  
a wanns du mech net wollt hätt, en aneren hätt net  
brauchen ze kommen!

*J. P.:* (Helt et an seng Armen a kesst et.) Hèrgott! a wo'mat  
hun ech dat elo verdengt? Ass et och wo'er, ass et kën  
Drâm?

*Madame:* Nën, dir meng Kanner, et ass kën Drâm, un iech  
zwê ass et ewèll fir zesummen ze halen, mei Ségen den  
hutt der!

*Pitter:* An d'bleche Bex kre'en s'och.

*All:* Bravo, vive dat jongt Brautpuer!!

*Madame:* A wïem hutt der ausgemater Sâch dat alles ze  
verdanken, dat ass . . . .

*J. P. an Adolf:* (zesummen) De Pitter!

*Madame:* Jo, dat ass de Pitter, hien huet erem eng Ke'er  
falsch verstanen, mais des Ke'er wor et trotzdem ge-  
roden, an duerfir sollen him all seng aner Féler ver-  
ziehe sin.

*J. P.:* Komm, Pitter, komm gef mer deng Hand. (Pitter dêt  
et.) Pitter, du hues mer démols d'Liewen sauve'ert, mais  
dat wor neischt ge'nt dat wats de elo hei gemâcht hues,  
des Ke'er hues de mir mei Liewensgleck, gerett.

*Claire:* A meint och, Pitter, hei Pitter, och meng Hand.

*Pitter:* Dat ass geroden, da sin ech elo och zefridden, an  
eng Hapsâch, d'bleche Bex ass och zowe'ert.

*Adolf:* En Hoch op de Pitter, an nach en Hoch op dat jongt  
Brautpuer, se solle glecklech gin, an e'weg sollen se  
liewen!

*All:* Vive de Pitter! Vive dat jongt Brautpuer!

#### Schlusslied.

All Léd ass nun eriwier, ons Hierzer schlon erem me' schnell,  
Mir hun ons hei nu fond, vorbei nun ass de' uereg Hell.  
Wat hu mir läng dach allebe'd ons ste'ts gesicht an dach net fond,  
Mais haut hu mir ons endlech krit, ons Hierzer sin elo gesond.

*Claire:* Oh Gleck, oh Fréd, am neie Bond,  
Datt endlech mir ons hei hu fond.  
An deser sche'ner Stonn  
Gehélt de' de'weg Wonn.  
Dir Leit, kuckt all ons Enekgêt,  
Mir si jo haut voll Glecklechkêt.

RIDO.